



Beispill, dat hu mer, ech kann dat hei soen: Et sinn zwou Gemengen, déi scho ganz wäit an de Viraarbecht fir eng weider Fusioun getruede (veuillez lire: virukomm) sinn. Dat sinn d'Gemeng Rouspert an d'Gemeng Mompech. An déi gi ganz direkt am Intérieur betreit, esou wéi dat bei deenen anere Gemenge virdrun och zum Deel geregelt ginn ass.

Also, ech kann lech berouegen, Här Eischen, mir schaffen dorunner, fir déi Gemenge weiderhin esou gutt ze ënnerstëtzen, wéi dat och an der Vergaangenheet de Fall war.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Innenminister. A mir géifen dann direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6880 iwwergoen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6880 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Prokurationsvoten. An d'Ofstëmmung ass elo direkt eriwuer.

An de Fusionsprojet ass ugeholl mat 60 Stëmmen, also unanime.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Kriepes, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;*

*MM. Serge Urbany et David Wagner.*

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

**(Assentiment)**

Dann ass dat esou décidéiert.

An da géife mer zum nächste Projet iwwergoen, de Projet 6896, en Accord erëm eng Kéier am Beräich vun der Sécurité sociale, des Kéier mat Frankräich...

► **M. Frank Arndt (LSAP).** - Sécurité sociale?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Neen, Sécurité civile! Entschëllegt!

► **M. Frank Arndt (LSAP).** - Här President!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ech hunn lech gesinn an dunn hunn ech direkt un dat Soziaalt geduecht.

**15. 6896 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République française relatif à l'assistance et à la coopération dans le domaine de la sécurité civile, signé à Paris le 26 mai 2015**

**Rapport de la Commission des Affaires intérieures**

► **M. Frank Arndt (LSAP), rapporteur.** - Dat ass léif, dat do, vun Ärer Säit.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Chamber ass de Mëtte gefrot, fir engem Accord tëschent Lëtzebuerg a Frankräich zouzestëmmen, deem dat grenziwwerschreidend Rettungswiese betrëfft. De Projet de loi gouf de 4. November d'lescht Joer vum Ausseminister déposéiert an un d'Intérieurskommissioun iwwerwisen.

De Statsrot huet säi positiven Avis den 1. Dezember 2015 zoukomme gelooss. An d'Chamberskommissioun huet de Projet an den Avis vum Statsrot an hirer Reunioun vum 14. Januar 2016 analyséiert. An därselwechter Sitzung

sinn ech als Rapporteur vun dem Projet de loi genannt ginn. D'Chamberskommissioun huet de Projet de 4. Februar 2016 ugeholl. An zum Projet selwer ass ze soen, dass Lëtzebuerg eng ganz laang Traditioun vun Zesummenaarbecht am Beräich vun de Rettungsdéngschter mat eise franséischen Nopere huet.

Här President, deen Accord iwwer eng géigesäitig Hëllefstellung, deen am Moment besteet, gouf schonn den 10. Dezember 1962 tëschent Lëtzebuerg a Frankräich ënnerschriwwen. Verännert gouf den Accord fir d'Lescht 1988 duerch en Avenant. De 26. Mee 2015 hu béid Länner zu Paräis een neien Accord ënnerschriwwen, deen den Text vun 1962 sollt ersetzen.

Dir Dammen an Dir Hären, Hëllef ënner Nopere ass ee Muss. A bei eis am Land funktionéiert dat beschkens, ob dat um Niveau vun den Dierfer, de Stied oder vu Gemengen ass, oder eben, wann et iwwert d'Landesgrenzen eraus geet. Wéi mer wëssen, ass Hëllef iwwert d'Grenze scho ganz laang bei eis selbstverständlech, ob et laanscht d'Sauer, d'Our, d'Musel oder laanscht d'Grenze vun der Belsch a Frankräich ass, do kennen d'Pompjeeën an d'Protex keng Grenzen. An et ass och gutt esou, dass si ouni Grenze kënnen schaffen a matenee kënnen schaffen.

Dir Dammen an Dir Hären, mä och de Kader muss passen, op deem zesumme geschafft gëtt. An d'Zil vun dësem Projet de loi ass et, fir eng géigesäitig Ënnerstëtzung méi schnell an einfach ze erméiglechen, fir sécherzestellen, dass am Grenzgebitt am Fall vun enger Katastroph oder engem schwéieren Accident ganz schnell Hëllef op der Plaz ka sinn. Deen neien Accord ass ee wichtege Schrëtt, fir déi Zesummenaarbecht, déi zanter méi wéi 50 Joer besteet, nach méi effikass ze maachen.

Här President, dësen Accord behandelt véier verschidde Beräicher.

Éischters geet et ëm eng géigesäitig Hëllef a Berodung, wat d'Organisatioun vun de Services, d'Ausschaffe vu Rettungspläng an Etüden zu Sécherheetsfroer maache bedeit, déi fir béid Säite wichteg sinn an d'Evaluatioun vum Ëmgang mat Noutsituatiounen betrëfft.

Zweetens, et soll en Austausch vun Experten a Spezialiste stattfannen, an en Échange vun Informatiounen an Dokumenter iwwert d'Rettungsdéngschter.

Drëttens ginn d'Konditiounen an d'Modalitéite festgeluecht, ënnert deene grenziwwerschreidend Asätz kënnen stattfannen. Do geet et zum Beispill iwwert d'Formalitéiten, déi musse fir d'Iwwerschrëide vun de Grenzen erfëllt ginn. Et gëtt festgeluecht, wien a firwat a wéi enger Form Hëllef kann ufuere, wat fir ee Material ka matbruecht ginn a wien d'Käschte vun dësem Asaz iwwerhëlt.

Véiertens enthält den Accord Bestëmmungen, wéi sech déi verschidden Akteuren ënnereneen informéieren, fir dass jiddweree weess, wien d'Uspréchnpartner sinn a wat fir eng Administratioun am Partnerland woufir zoustänneg ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Zäitpunkt fir deen neien Accord ass och ganz gutt gewielt, well mir hei zu Lëtzebuerg jo amgaange sinn, eng allgemeng Reform vun de Rettungsdéngschter ze maachen. Engersäits hu mir eis bei der Reform zum Deel un der franséischer Legislatioun inspiréiert, an anersäits gëtt de Verännerungen, déi ustinn, an deem neien Accord elo scho Rechnung gedroen. Deen Échange vun Experte kënn eis zu Lëtzebuerg besonnesch zegutt am Kader vun eiser Reform, wou jo och d'Formatioun am Beräich vun de Rettungsdéngschter soll verbessert ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, insgesamt gëtt déi gutt Kooperatioun, déi mir elo scho laang hunn, mat dësem Accord verstärkt a se gëtt eis am Fall vun engem gréisseren Accident d'Garantie, dass schnell an effikass ka gehandelt ginn an dass d'Rettungsaarbechten net duerch national an ënnerschiddlech strukturiert Services behënnert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als LSAP ënnerstëtze mir dësen Accord selbstverständlich. An ech ginn heimat am Numm vu menger Fraktioun d'Zoustëmmung zu dësem Projet a soe Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet direkt den Här Laurent Zeimet.

**Discussion générale**

► **M. Laurent Zeimet (CSV).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, villmools Merci dem Rapporteur, dem Här Arndt, fir de mëndlechen an de schrëftleche Bericht zu dësem Gesetzesprojet. Mir droen dësen Accord och mat, well och mir halen et fir ganz besonnesch wichteg, och am Grenzraum d'enk Zesummenaarbecht vun de Rettungsdéngschter

ze intensivéieren a professionell och opzestellen, och am Kader vun der Reform, déi mer jo zesummen ustriewen, u sech, mä natierlech ass dat keng Fantasie, deen Accord.

Wa mer just zéng Joer zrëckdenken un den Zuchaccident zu Zoufftgén, dee genau op der Grenz war, wou deen een Deel zu Lëtzebuerg accidentéiert war an deen aneren Deel a Frankräich, da weess een, dass dat hei ganz séier am Alldag, a vläicht méi séier, wéi ee sech dat wënscht, ka Realitéit ginn, a muss an d'Praxis ëmgasat ginn. Deemools hunn d'Rettungsdéngschter gutt zesummegeeschafft, op där enger wéi op där anerer Säit, mä wann een e Kader huet, wann alles vu Vireran definéiert ass, mengen ech, mécht et och d'Aarbecht op der Plaz deen Dag selwer, wou ee sécherlech och ënner Schock an ënner Panik muss reagéieren, da méi einfach.

Op där anerer Säit denken ech, an ech denken aner Kollegen och, natierlech un eng Situatioun, wéi mer se zu Beetebuerg virun zwee Joer haten, wou eng Bréck op d'Eisebunn gefall ass a wou mer alleguerte mat ganz vill Chance duerch eng ganz gruelech Katastroph komm sinn a wou ee sech dann natierlech d'Fro stellt: Wat wär geschitt, wann...? Wäre mer esou opgestallt gewiescht, dass mer effikass a schnell hätte kënnen reagéieren?

An ech mengen, et ass och kee Geheimnis, dass mer eis am Land besser kéinten opstellen, fir op esou Situatiounen preparéiert ze sinn. An et ass jo och dat, wat mer duerch eng Reform vun de Rettungsdéngschter wëllen erreechen.

An natierlech hëlleft och esou en Accord, dass mer déi grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht direkt kënnen mat bedenken. Wa mer wëssen, wéi schwéier et ass, Rettungsdéngschter am Land zesummenzebréngen, da kann ee sech virstellen, dass et, wann et iwwert d'Grenze geet, net méi einfach gëtt. Do komme jo och nach verschidde Sproochen derbäi, verschidde Kommandoe vläicht a verschident Material, wat muss beduecht ginn.

Schliisslech denke mer natierlech, wa mer mat der Republik Frankräich iwwer esou Saachen diskutéieren, och u Cattenom. Net méi spéit wéi gësch ass jo och de Bilan gezu ginn. Et ass drun erënnert ginn, dass eleng 2015 fënnf Zwëschefäll am Reakter virkomm sinn. An d'Fro stellt sech natierlech och hei. An am Accord ass jo och en extraen Artikel virgesinn, fir op nuklear Tëschefäll an Urgencen zesumme kënnen ze reagéieren, wéi dat an der Praxis wäert iwwert d'Bühn goen, wann dee Fall sech dann eng Kéier géif stellen, wat mer natierlech alleguerten hoffen, wat ni soll de Fall sinn.

Mir hu jo e Plan Cattenom opgestallt. Et ass gutt, dass mer deen um Pabeier hunn an dass mer alleguerten elo wëssen, dass et e gëtt, mä wéi géife mer dee wirklech an der Realitéit ëmgasat kréien? Ass dat elo mat beduecht? Wéi eng Inzidenzen hätt dësen Accord sollen hunn op de Plan Cattenom?, wär nach esou eng Fro, déi mer eis géife stellen; iwwerhaupt, wéi deen Accord soll an den Alldag agräifen, och vun de Rettungsdéngschter haut op der Plaz, déi zum Deel schonn zesummeschaffen, mä wou eng Verbesserung sécher ubruecht wier.

An deem Sënn nach eng Kéier eisen Accord fir dësen Accord. Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. An dann huet den Här Max Hahn d'Wuert.

► **M. Max Hahn (DP).** - Solidaritéit. D'Solidaritéit ass e Wuert, wat am Rettungswiese ganz groussgeschriwwen gëtt. D'Leit, déi sech am Rettungswiesen engagéieren, ob fräiwëlleg oder haaptberufflech, ob bei de Pompjeeën oder bei der Protex, si hunn eppes all gemeinsam: de Wonsch, de Leit an Nout ze hëllefen. Dëse Wonsch hält net op de Lännergrenzen op, net op der däitscher, net op der franséischer an och net op der belscher Grenz. Eng Persoun, déi Hëllef brauch, där ass et selbstverständlech och egal, ob d'Hëllef, déi se kritt, Hëllef aus hirem Land oder aus dem Nopeschland ass. Haaptsaach, et kënn Hëllef.

Grad am Rettungswiesen, wou et op all Sekonn ukënn, därfe Länner keng künstlech Bremse sinn. An der Praxis klappt d'länneriwwergräifend Zesummenaarbecht scho jorelaang relativ gutt. Och wann dat net jiddwerengem bekannt ass, ginn et elo scho Gemengenaccorden, déi länneriwwergräifend sinn an déi derfir suergen, dass am Asazfall souguer länneriwwergräifend allertéiert gëtt, dass gemeinsam grenziwwerschrëidend Übungen durchgeführt ginn an dass och um Niveau vun de Jugendpompjeeën beispillsweis zesummen a gemeinsam Aktivitéiten organiséiert ginn.

Mir stëmmen haut iwwer en Accord mat eise franséischen Nopere of, dee bei Katastrophen a gréisseren Accidenter am Grenzraum fir eng besser Zesummenaarbecht soll suergen. D'Ze-

summenaarbecht vun eise Rettungsdéngschter mat de Rettungsdéngschter vun eise franséischen Nopere besteet schonn iwwer 50 Joer. D'Ënnerschreiwe vum neien Accord ënnermauert de politesche Wëllen, des Zesummenaarbecht ze stäerken, dëst fir de Leit an Nout schnellst- a beschtméiglech Hëllef zoukommen ze loosse, an dat onofhängeg vu Lännergrenzen.

D'Rettungswiesen zu Lëtzebuerg wäert no der Reform vum Rettungswiese ganz no beim franséische System leien. Dat wäert sécherlech och derzou bäidroen, dass mer och hei eng ganz gutt Zesummenaarbecht kënnen sécherstellen.

Här President, wa mir déi Dausende Fraen a Männer net hätten, déi sech Dag fir Dag am Rettungswiesen engagéieren, da kéinte mir nach esou vill Accorden hei ënnerschreiwen. A genau dofir wëll ech vun der Geleeënheet profitéieren, fir, an ech mengen, ech maachen dat am Numm vun eis alleguerten, deene Leit op dëser Plaz e grouse Merci auszeschwätzen.

Dëst gesot, ginn ech den Accord vun der Demokratescher Partei. Ech soen dem Rapporteur Frank Arndt e grouse Merci fir säi schrëftlechen a mëndlechen Rapport a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An d'Wuert huet dann, wéi gewinnt, den Här Roberto Traversini.

► **M. Roberto Traversini (déi gréng).** - Merci, Här President. Selbstverständlech gi mer den Accord.

Ech hu just eng kleng Bemierkung beim Artikel 14 - ech liesen deen och vir an ech erklären dann och, firwat -: «En cas d'accident nucléaire ou de situation d'urgence radiologique ayant des conséquences transfrontières, quel qu'en soit le pays d'origine, chaque Partie fournit l'assistance demandée par l'autre Partie dans la mesure de ses capacités et dans la limite de ses disponibilités budgétaires.» Nach alles schéin. Zweetens: «Cette assistance comprend également l'accueil des personnes affectées ou menacées. Les modalités de l'accueil font l'objet d'une concertation immédiate entre les autorités responsables des deux pays.» Dat ass och nach gutt. «Les deux Parties prennent en concertation toutes les mesures nécessaires pour faciliter le franchissement de la frontière aux personnes visées (...)»

Ech hoffen net, dass eppes geschitt. A wann, hoffen ech net, dass eis Kollege Fransousen da just 30.000 Lëtzeburger géifen ophuelen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Traversini. An ech mengen, et ass keng aner Wuertmeldung do. Dann huet den Innenminister d'Wuert, den Här Dan Kersch.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur.** - Jo, ech mengen, Här President, hei ass et net aneschtens wéi an deenen Dossiere virdrun. Ech stellen eng grouss Eenegkeet an der Chamber fest fir en Accord, deen ee wirklech kann als Meilesteen och fir d'Rettungsdéngschter hei zu Lëtzebuerg bezeichnen.

Et war e Virgängeraccord do. Deen hu mer wesentlech nogebessert. Ech ginn och dervun aus, dass och a Frankräich den Accord ganz séier wäert ratifizéiert ginn. An dann hu mer eng Basis do, fir eng ganz Rei vun Zousazaccorden nach ze ënnerschreiwen, déi och an der dagdeeglecher Praxis eise Rettungsdéngschter zeguttkommen.

Dofir nach eng Kéier Merci fir deen exzellente Rapport an och fir déi ganz konstruktiv Diskussioun, déi mer elo hei haten.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An da kéinte mer direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet 6896 iwwergoen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6896 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

59 Participatiounen um Vott. 59-mol Jo. Unanimitéit. De Projet ass also ugeholl.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*





MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

M. David Wagner.

An ech froen lech nach eng leschte Kéier, ob Der d'Dispens vum zweete Vott gitt.

#### (Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

A mer géifen dann zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour kommen, d'Interpellatioun vum Här Marc Spautz iwwert déi allgemeng Situatioun um Aarbechtsmaart. Wann Der den Här Spautz erausloosst, dann huet en och direkt d'Wuert.

#### (Interruption)

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Et ass nach viru sechs, Här Spautz.

► **Une voix**.- Solle mer net eng Stonn Paus maachen?

#### (Interruptions diverses)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Dir provoziert en. Provoziert den Interpellateur net, well ech kennen en!

#### (Hilarité)

### 16. Interpellation de M. Marc Spautz sur le marché du travail

#### Exposé

► **M. Marc Spautz** (CSV), *interpellateur*.- Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Alleréischts wëll ech dem Minister Nicolas Schmit villmools Merci soen, dass en déi Interpellatioun, déi ech gestallt hunn, ugehall huet. An ech hunn och Verständnis gehat, dass e se deemools net direkt konnt unhuelen, wéi ech se den 11. November gestallt hunn, well dunn nach aner Punkten an der Aktualitéit waren.

Wa mer elo schwätzen hei, ginn ech op verschidden Zuelen an. An dat ganz Zuelematerial, wat ech elo hei zesummegedroen hunn, ass net méi op dem Stand vun deem, wat den Här Schmit haut de Moien am Comité de conjuncture konnt presentéieren, mä ech sinn nach all Kéiers beim Mount vu virun. Dat sinn Zuelen, déi ech vum Statec hunn, vun der OECD a vun Eurostat respektiv och aus 38 Question-parlementairen, déi un den Här Schmit, un den Här Etienne respektiv un den Här Romain Schneider gaange sinn, wou mer déi Chifferen an deene leschten zwielef, fir net ze soen 18 Méint all Kéiers gefrot hunn, ëmmer an engem anere Kontext, fir dann och d'Méiglechkeet ze hunn, am Besëtz vun deene Chifferen ze sinn.

Mir wëssen, dass d'Aarbechtsmaartpolitik sech net nëmmen op den Aarbechtsministère limitéiert, och wann dat heiandsdo gär esou duergestallt gëtt, mä dat mam Chômage a mat den Aarbechtskonditiounen, och wann d'Gérance, fir et elo emol esou auszedrécken, ënnert der Tutelle vum Aarbechtsminister ass, esou ass dat awer nach laang net nëmmen den Aarbechtsministère, deen derfir zoustänneg ass.

Chômage bedeit awer och, Prekaritéit bei deene Beträffenen, bei hire Familljen, an dat mécht och Problemer an der sozialer Unerkennung. An och finanziell si vill Leit vun deenen dann net gutt drun, wann ee vun der Famill am Chômage ass. Eng gelongen Aarbechtsmaartpolitik verlaangt e reibungslost Zesummespill tëschent villen Akteuren, vu ville Ministären: Aarbecht a Beschäftegung, Wirtschaft aus sens large an Educatioun.

Och wësse mir, dass mir als klenge oppent Land natierlech op positiv wirtschaftlech Entwécklungen am Ausland ugewise sinn. Mä wéi ech dat schonn ëfters hei gesot hunn: Dat ass keng Fatalitéit, dat ass eng Chance fir eist Land. Mir mussen nei Entwécklung frézäiteg erkennen, eis net scheien, gewësse Risiken anzegoen, och wann heiandsdo bei verschiddene Saache ge-laacht gëtt. A grad am Beräich vun der Aarbechtsmaartpolitik ass et och wichteg, dass mer eis mat der Digitaliséierung ausenansetzen an dass mer déi och offensiv ugin. A mir solle mat Zouverzicht déi Dossieren upaken, well dat ass eng Entwécklung, déi am Intérêt vum Mënsch an och am Intérêt vum Aarbechtsmaart ka sinn. Mir hunn och schonn aner vermeintlech Revolutiounen gemeeschtert. Firwat also hei kapituléieren?

Ier ech mech mat deenen neie Phenomeener awer beschäftegen an op déi Punkten agoen,

wollt ech awer och nach eng Kéier kucken, wou mer de Moment dru sinn.

Den Emploi u sech ass am Allgemenge positiv. An absolutten Zuelen ausgedréckt, ass de Wuesstum hei zu Lëtzebuerg, wat den Aarbechtsmaart ubelaangt, ganz grouss. Virun zéng Joer hate mer en Emploi total vun 288.092 Unitéiten. Deen ass an zéng Joer op 381.390 ugewuess. Dat ass eng Hausse vun 93.298 Unitéiten oder 32,3% vum Emploi total; wou et net vill Plazen op der Welt gëtt, déi op esou eppes kënnen zrëckkucken.

Am Beräich vun der Industrie hu mir haut méi Beschäftegter - 36.491 -, wéi et nach am drëten Trimester 1995 de Fall war. Trotzdeem komme mer net méi un déi méi wéi 38.000 erun, déi mer 2008 haten. 2008, dat Joer, wou d'Kris ugaangen ass. 1995 ass den Emploi am Industrieberäich hei am Land bei 17,6% geleeën. An dat war nach e relativ héije Chiffer, well Enn 2015 waren et nach knapps 9,6%. An anere Wieder: An dem Beräich vun der Industrie si mer staark réckleefeg.

An engem anere Secteur, dee vun der Konstruktioun, hate mer 1995 12% vum Emploi total. Haut sinn et der bal 13. Se sinn also stagnéiert an de Prozenter, se sinn awer an absolutten Zuele grouss an d'Luucht gaangen.

De Secteur vum Handel, Transport, Hébergement, Restauratioun koum 1995 op 25% vun der Gesamtbeschäftegung. Dat waren der deemools 51.560. Haut si mir bei ronn 23% mat insgesamt 88.000 Beschäftegten.

Am Beräich vum ICT ware mer 1995 bei ronn 4.300 Beschäftegten; ronn 2% vum Gesamt-emploi. Haut si mer bei iwwer 4,5%, bei 17.427 Beschäftegten.

An am Finanzberäich hu mer eis quasi verduebelt: vun 1995 22.000 Posten op haut 45.000.

An den Aktivitéite vun de Servicer sinn et der 56.000 haut, an et waren der 16.000 virun 20 Joer.

Déi ëffentlech Verwaltungen: 1995 waren dat der 33.000, haut sinn et der 77.998.

All déi Aktivitéiten, dat gesi mer also, sinn alleguerten an d'Luucht gaangen; déi eng Secteuren emol méi, déi aner Secteuren emol manner. Op déi lescht 20 Joer gekuckt, ass den Emploi total op 91% geklommen. En huet sech also quasi verduebelt, woubäi een awer muss ënnersträichen, dass d'Beräicher ICT, spezialiséiert Aktivitéiten a Finance mat Ofstand déi gréisste Progressioun kannt hunn. Den Handel, de Commerce, den Transport an d'Horesca hu sech och ganz positiv entwéckelt. Hannendrun hânt awer eigentlech d'Industrie.

Firwat soen ech dat mat deenen eenzelne Secteuren? Well et och wichteg ass, fir ze wëssen, firwat mer hei zu Lëtzebuerg de Problem mam Chômage op eng aner Aart a Weis hunn, wéi vill aner Länner. Secteuren, wou héich qualifizéiert Personal gebraucht gëtt, leie bei eis daitlech vill méi héich an hu vill méi Personal, wéi dat an deenen anere Länner de Fall ass. Wat och eng Kéier alt nees d'Wichtegkeet vun de Betriber awer och ënnersträicht, déi an der Konstruktioun an am Commerce an an der Industrie kënnen schaffen, well dat sinn der, déi och kënnen Personal mat manner Qualifikatioun ophuelen. An nëmme si kënnen eis hëllefen, dat an de Grëff ze kréien.

Nieft deenen éischte positiven Entwécklung stelle sech awer och Froen am Zesammenhang mat der Qualitéit vun der Aarbecht an enger Welt, wou een ëmmer disponibel ass: eng Montée vum Stress a psychosozial Krankheits-biller; woumat mer eis och schonn oft heibanne beschäftegt hunn.

D'Qualitéit vun der Aarbecht ass och e grouss Punkt, wou et och wichteg ass, do eng Kéier d'Parametere ze kucken.

D'Gewerkschafte stellen zum engem fest, dass et eng substanzuell Hausse ginn ass vun der Deelzäitaarbecht. Eppes, wou een nach kéint drop zrëckféieren, dass et mat enger Hausse vum Taux d'emploi vun de Fraen zesummenhânt. Eppes, wat mech awer beonrouegt, ass awer grad déi Proportioun vun deene Persounen, déi net fräiwëlleg Deelzäitaarbecht ver-riichten.

Do hu mir laut Eurostat e Peak gehat 2012. An 2014 leie mer elo bei 12,9% vun de Leit, déi deemools gesot kritt hunn, si missten an eng Deelzäitaarbecht eragoen. Et muss een ëmmer e groussen Ennerscheid maachen, ob een Deelzäitaarbecht fräiwëlleg mécht oder ob dat drop zrëckzeféieren ass, dass dat déi eenzeg Méiglechkeet ass, déi besteet.

Dobäi muss een och kucken, dass et net nëmmen am Deelzäitberäich ass. Et ass och, dass et ëmmer manner Leit gëtt, am Verhältnis gekuckt, déi eng Feststellung hunn, en CDI, mä dass der ëmmer méi am CDD voire am Interim sinn. Dës Zuele sinn ënnerhalb vun zéng Joer vu manner wéi 10.000 op 18.000 an d'Luucht

gaangen. Och wann een elo behaapte kéint, dat wier der Hausse vum Emploi geschëllt, esou ass dat, ausgeholl vun de Service-publicken, awer anescht, well en ass eleng am Interimsberäich ëm 80% an d'Luucht gaangen.

Dat sinn alles Evolutiounen, déi ee genee am A behale muss. Wann den Interim voire den CDD zu enger Feststellung féiert, ass dat jo net onbedéngt negativ. Sollt dat awer net de Fall sinn a sech bei béiden Zorte vun Engagementer dat abiergeren, fir Leit net brauchen definitiv anze-stellen, wou déi Leit dann och doduerch Problemer kréien um Aarbechtsmaart (veuillez lire: Wunnengsmaart), well wann s de kee festen Aarbechtsvertrag hues, dann ass et och schwie-reg, e Prêt ze kréie bei enger Bank, an dann ass et och schwierig, en Haus ze kafen. An all déi Weeër hanken do hannendrun. Dofir soll een dat am A behalen. Wann et dozou féiert, fir definitiv agestallt ze ginn, ass et eng gutt Saach. Wann et aner Ursachen huet, da wier dat net gutt an net am Intérêt vun all deene betraffene Leit.

De Réseau d'étude sur le marché du travail et de l'emploi, den Observatoire, de RETEL genannt, dee schreift an engem Tableau de bord vum Oktober 2015, dass den Travail intérimaire ronn e Fënneftel vun alle Mouvementer um Aarbechtsmaart ausmécht. Ech wier dofir frou, eng Aschätzung dozou vum Aarbechtsminister ze héieren.

Mä net nëmmen d'Typologie vun den Aarbechtsvertrag kann een Hiweis sinn op d'Qualitéit vun der Aarbecht, och aner Parametere spillen do mat dran. D'OECD huet och ver-sicht, unhand vun dräi Parametere d'Jobquali-téit ze ermëttelen. Mä ausser der OECD sinn et och nach aner Institut, déi sech domat beschäftegen.

Wa mer och an deene meeschten OECD-Etuden ëmmer ganz gutt leien, opgrond vun der Héicht vun eise Salären an dem Aarbechts-recht, dass een do ganz vill Aarbechtsvertrag huet, déi eng gewësse Garantie versprechen, esou ginn et awer och aner Tableaux vun der OECD, wou et drëm geet: Wéi ass et mat der Feelbelaaschtung, wéi ass et mat de Krankheeten? An an där Etüd läit Lëtzebuerg am OECD-Vergläich direkt hanner Griichenland an der Türkei an zimlech wäit ewech vun der OECD-Moyenne. Wou ee sech do muss d'Fro stellen, wéi dat ze erklären ass, dass dat grad hei zu Lëtzebuerg de Fall ass.

D'Chambre des Salariés huet dofir och 2011 e Projet, näamlech den „Quality of work index“ ugehall an huet do, zesumme mat der Uni Lëtzebuerg, verschidden Etüde gemaach an huet och dat verdéift a verlaangt, dass do Analyse géife gemaach ginn, fir ze kucken, wat do alles hei am Land lass ass. An do gëtt et ënner ane-em déi sechs Indicen, déi se festgehalen hunn, dat sinn d'Conditions de travail, d'Intensité an d'Complexité du travail, de Bien-être au travail, Revenu et formation, d'Marges de manœuvre dans le travail an d'Perspective de l'emploi. Dës sechs Indicé sinn nach eng Kéier a 16 Enner-Indicen ënnerdeelt.

Déi éischt Resultater goufen an engem finale Rapport de 24. Oktober 2013 presentéiert an et wier wichteg, eng Evaluatioun vun der Aarbechtsqualitéit ze maachen. Deen Zustand vun deemools, wéi ass dat haut? Den Här Minister vun deemools ass nach deeselwechte wéi haut. Dofir wier et och do interessant, vum Minister ze wëssen, wéi hien déi Entwécklung gesäit, wéi et bei där leschter Regierung war respektiv wéi et elo bei deser Regierungsperiod ass.

Et wier och wichteg, d'Patronen an deesem Beräich ze sensibiliséieren. An och an deem ganze Kontext huet d'ITM eng net ganz onwichtig Roll ze spillen. Laut eisem Code du Travail besteet d'Missioun vun der ITM dodran, de «contribuer au développement d'une culture de prévention et de coopération en matière de conditions de travail». An an dee ganze Pak vun de Conditions de travail spillt natierlech och d'Hygiène an d'Santé mat eran. An domadder wier ech bei mengem Stéckpunkt ITM. Ech kéint elo mam Här Minister hei nach eng Kéier virufuere wéi virun engem Mount, mä ech géif dat emol de Moment ausklammeren a mech heidrop konzentréieren. Ech hunn awer kee Problem, herno nach dorop zrëckzekommen.

D'ITM ass awer an deem ganze Pak „Gesondheet a Sécherheet op der Aarbechtsplaz“ net den Alleinherrscher. Si agéieren do am Zesummespill mat anere staatlechen Akteuren, wéi zum Beispill d'Division de la santé au travail. An och do muss ee sech d'Fro stellen, ob net awer déi ganz Gewerbeinspektioun aneschers misst opgestallt ginn, well jo do, obwuel d'Reform 2007 gestëmmt ginn ass, de Règlement grand-ducal nach ëmmer net do ass. Mä do wäert de Minister eis herno jo och sécher drop äntwerthen.

En anert Stéchwuert zu der Gesondheet op der Aarbecht, dat ass och d'Anti-Mobbing-Gesetz. Mir hunn eis 2013 als CSV an eisem Wahlpro-

gramm fir esou e Gesetz staarkgemaach. De Minister huet a senger Äntwert op eng parlamentaresch Ufro mengersäits op eng Evaluatioun vun aktuelle Reglementer duerch d'Sozialpartner verwisen. Wou ass déi Evaluatioun drun? Kënnt do e Gesetz? Wa jo, wéini?

Wa mir eis zu Lëtzebuerg widerhin iwwert d'Kreatioun vun neien Aarbechtsplaze freeë kënnen, solle mir déi aner Parametere net aus den Ae verléieren. Ech hunn der eng Rei opgezielt. Méi Emploi bedeit awer natierlech och méi Mobilitéit, méi héich Investissementer an d'Infrastrukturen. Ech ginn elo net weider op déi Problematik an. Ech wëll mech hei haapt-sächlech op den Emploi fokusséieren.

An do bleiwen déi manner qualifizéiert Leit leider vill ze vill oft op der Streck. Och d'Ukënnegunge vum Här Schneider, fir d'Betriber, déi sech nei zu Lëtzebuerg implantéieren, méi staark an d'Flicht ze huelen, schéngen awer nëmme bedéngt gefrucht ze hunn. Vun 61 industrielle Betriber, déi sech zu Lëtzebuerg tëschent 2011 an 2013 implantéiert hunn an déi och Aarbechtsplaze geschafen hunn, näamlech 464, goufen der nëmmen 32 iwwert d'ADEM rekrutéiert, dovun 19 mat engem Niveau inférieur bis Niveau moyen-inférieur. An op eng Question parlementaire vum 15. September 2014, wou mer d'Fro gestallt hunn, hu mer geäntwert kritt vum Minister Schmit, dass vun deenen 32, déi do iwwert d'ADEM vermëttelt gi sinn, nëmmen néng fest agestallt gi sinn an der 11 erëm zrëck un d'ADEM gefall sinn. Wou déi aner 12 hikommm sinn, kann ech lech net soen, dat stoung an der Äntwert net dran.

Hei wollt ech och vum Minister wëssen, wéi een do kann d'Zesummenaarbecht verbesseren, dass et méiglech gëtt - dass, wa 464 Plaze geschafe ginn an et der nëmmen 32 sinn, déi iwwert d'ADEM rekrutéiert ginn -, fir dat an d'Luucht ze kréien.

Da wéilt ech och nach eng Kéier drun erënneren, mir haten hei schonn en Débat an der viregter Legislaturperiod, wou den Här Negri an den Här Bauler en Débat d'orientation iwwert d'Politique de l'emploi gemaach hunn, wou deemools och Resolutiounen komm sinn, wou deemools och Iddie komm sinn a wou och festgehal ginn ass, dass mer och do Strategie missten entwéckelen, souwuel bei der ADEM, mä wou et och wichtig wier, dass mer eng Strategie iwwert d'Kompetenze vun de Leit géife maachen. Dat war ee vun de Bestanddeeler vum Rapport vum Här Bauler a vum Här Negri, deen 2013, also laang virun deene leschten, net laang, mä kuerz virun deene leschte Wahlen gemaach ginn ass, wou scho Constate gemaach gi sinn.

An do wéilt ech vum Minister wëssen, ob déi Saachen, déi mer 2013 festgehalen hunn hei als Chamber mat grousser Majoritéit, och an Zwëschenzäit emgesat gi sinn.

Zum Chômage en général. A leschter Zäit gouf sech vill doriwwer gefreet, dass d'Chômage-zuele sech no ënne géife bewegen, och nach déi lescht Deeg. Dat läit an den Ae vum Observateur. Dat hânt dovun of, wéi (veuillez lire: wéi eng Zuelen) ee consultéiert a wat fir eng Vergläichsbasis een hält. Mä ech muss op alle Fall soen, och mir si frou, dass d'Zuel net weider an d'Luucht gaangen ass.

18.368 Leit sinn am Januar 2016 ouni Aarbecht gewiescht. Zum Vergleich: 2013, do waren et der „nëmmen“ - entre guillemets - och nach vill ze vill, 17.408. An anere Wieder sinn an absolutten Zuelen nach ëmmer ronn 1.000 Leit méi bei der ADEM ageschriwwen, wéi dat nach uganks 2013 de Fall war! D'ADEM schreift haut och an hirem Communiqué, dass de Chômage, op ee Joer gekuckt, ëm 5,7% zrëckgaangen ass an dass dat déi gréisste Baisse ass zanter 2008. Wat och richtig ass, méi eng grouss Baisse hate mer an deem Joer nach net.

A wann ech dann awer en Twitter-Account liesen, net vum Aarbechtsminister, mä vun engem anere Regierungsmember, dass dat eng enorm Zuel wier, dass elo déi gréisste Baisse wier säit 2008, dat wier hire Mérite. Do muss ech soen, wann een dann d'Chômagezuele kuckt vun 2008, fir déi awer nach eng Kéier ze vergläichen, wa mer vun enger Baisse schwätzen: Am Januar 2008 waren hei zu Lëtzebuerg 11.149 Persounen bei der ADEM ageschriwwen. Wann een dann an absolute Chifferen kuckt, dass mer der haut 18.000 hunn, deemools 11.000, da muss ee vläicht seng Wieder e bësse méi douce behandeln.

Wann een och nach aner Chifferen dobäi kuckt: Laut Eurostat, déi schwätze vun November 2014 op November 2015, dass de Chômage ëm 6,1% zrëckgaange wier an dass... Wa mer déi aner Saache kucken, dass et